



Pressecommuniqué

Izeg, de 6. Mäerz 2018

De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch ass natierlech frou fir all Initiativ, déi fir eis Sprooch geholl gëtt. Mir hunn nach ëmmer drop gehalten, ze soen, datt eis Sprooch jidder Lëtzebuenger seng ass, och alle Parteien hir; dofir bidde mir iwwregens ewell laang all eise politesche Parteien, wa mir dofir gefrot ginn, eis sprooch-technesch Hëllef un. Dat gëllt och fir d'Chamberwale vun 2018!

Mir wieren awer net glécklech doriwwer, wann d'Lëtzebuergesch e reng partei-politesche Spillball géif ginn, och wa mir et begrësse géifen, wann all Partei eng Stäip fir eis Sprooch an hire Programm setze géif.

D'Membere vun eisem Comité hu verschidde politesch an och parteipolitesch Meenungen, an dat ass och gutt esou. Zesumme schaffe mir fir alles, wat Lëtzebuergesch ass, apaart fir eis Sprooch, a mir huelen Entscheedungen, déi konform mat eise Statute sinn, an deenen d'NEUTRALITÉIT vun der AL ganz kloer festgeluecht ass (Art. 4). No bausse gëtt de Veräin duerch säi President, deen am Numm vun der AL schwätzt, vertrueden.

Eise Comitésmember Fred Keup, dee sech fir d'Chamberwalen opgestallt huet, huet äis proposéiert seng Funktioun als Comitésmember bis zu de Wale rouen ze loossen, esou datt d'Neutralitéit vun der AL garantéiert bleift.

Mir wënschen him, wéi och jidderengem, dee fir e Mandat als Deputéierten an der Chamber kandidéiert, vill Gléck.

Fir de Comité vun der AL,

Claude BACHE
President

Patrick KAELL
Sekretär